



als Tourist an der Schoul oder ronderëm d'Schoul nach optaucht, eng Distanz zur Schoul an zum Léierprozess gewénnt, an da menge mer herno beim Ofschlossexamen, dee mer jo hei PIF nennen, dat wär dann eigentlech eng optimal Preparatioun dorobber. Dat kann et effektiv net sinn!

Et ass gefrot ginn, ob mer Simulatiounen gemaach hätten. Jo, mir hunn der gemaach. Mir hu bei eenzelne Schoule gefrot, fir eenzel Formatiounen gefrot. Et ass allerdéngs net konkluant, éischts well et pro Formatioun anescht ass, CCP, DAP an Techniker, zweets pro Gebai dann och anescht ass, pro Ausbildung och nach aner Resultater mat sech bruecht huet, a virun allem, well et jo hei net dréms geet, elo Schüler entweder duerch Ännerunge vun de Promotiounsregele méi schnell virun oder manner schnell virun ze loossen.

Et geet virun allem hei dréms, datt mer de Schüler eng ganz kloer Orientatioun ginn, wat si musse leeschten, fir kënnen weiderzefueren, wat ee schonn am éischte Joer vun der Formatioun muss Opweises hunn, wéi vill Prozent vun de Moduller ee muss réusséiert hunn, fir d'Moduller vum zweete Joer kënnen unzefänken.

An do muss jo awer och eng Reaktioun vun der Säit vum Schüler kommen, soudatt mer net nëmme kënnen kucke beim aktuelle System, dee jo do extrem Fräiheete gëtt: Wien hätt dat doten elo gepackt? Mä mir musse kucken: Wéi reagéieren d'Schüler elo dorobber? Duerfir wëlle mer jo méi enk Barrieren erëm anzéien an dee System vun der Formation professionnelle, fir de Schüler besser ze guidéieren, em och selwer eng gewëssen Disziplin opzëerleeden an duerno besser virunzecommen.

No der Mikroreform, mengen ech, si mer eis jo alleguerten eens, an dat hu mer hei bei der Interpellatioun vun deene Lénke virun annerhallwem Joer och scho kloer gesot, brauche mer dann dat, wat elo méttlerweil da Makroreform genannt gëtt.

Ech denken, datt mer do nëmme Succès kënnen hunn, wa mer, anescht vläicht wéi et 2008 de Fall war, d'Partner mat op de Wee kréien. Do ginn hei ganz oft als déi natierlech Partner d'Berufskummere genannt. Dat ass ganz kloer. Ouni déi gëtt et keng Reform, ouni déi gëtt et keng Formation professionnelle.

Mir müssen awer och d'Akteuren an de Schoulen, d'Direktiounen, awer och d'Enseignant mat kréien. Ech kommen haut nach a Gebaier eran, wou dat Éischt, wat d'Enseignant mer soen, ass: „Dee System do, dee kann net fonctionnéieren!“ Wa mer näischt en place setzen, wou d'Enseignant selwer dru gleewen, datt et geet, da kann et net réusséieren.

Mir müssen och d'Akteuren an de Betriber mat op de Wee huelen. Och d'Patronen oder déi, déi an de Betriber fir d'Formatioun zoustänneg sinn, müssen do sécherlech och agesinn, firwat de System esou gestréckt ass, wéi e gestréckt ass.

Et brauch och kee mer hei ze soen, ech géif d'Berufskummeren net gesinn. Ech hu se an deene leschte véier Deeg zweemol gesinn, fir hei iwwert dës Thematik ze schwätzen. An ech wäert se och an der noer Zukunft nach begéien. Deen Dialog, dee klappt. Mir hunn déi Consultatiounen och strukturiert iwwer Comitéen, déi mer erëm beliefen hunn, déi eigentlech effektiv iwwer laang Zäit net esou fonctionnéiert hunn, wéi se hätte misse fonctionnéieren. An do kucke mer, déi Consultatiounen wierklech permanent ze maachen am Hëllef vum enger Makroreform.

Ech géif awer och do soen, Här President, datt mer d'Chamber méi enk solle mat abannen. Ech wäert duerfir en Débat de consultation uffroe fir den Hierscht hei iwwert d'Formation professionnelle. Ech hätt näamlech och gären, datt d'Berufskummeren, datt d'Gewerkschaften, d'Enseignantengewerkschaften an aner, datt och d'Fraktiounen hei am Parlament sech kloer äusseren zu deem, wat dann eng Makroreform muss sinn, an datt mer dat hei och eng kéier diskutéieren.

Ech si gäre bereet, als Ministère, do och éischt Virschléi ze maachen. Ech denken, do sollte mer eis awer och, éier et zu engem Dépôt vun engem Gesetzesprojet kënnt, hei eng kéier échangéieren, an dat an engem Débat de consultation maachen, wat jiddwerengem heibannen d'Geleeënheet gëtt. An d'Energie schéngt jo richteg do ze si bei jiddwerengem hei. Duerfir huelen ech jo un, datt jiddwereen och deemtspriechend konstruktiv Propositionen op den Dësch wäert leeën, fir déi mat an d'Diskussioun och nach kënnen afléissen ze loossen.

Ech wëll vläicht e puer Saachen, Här President, nach richtigstellen, näamlech: Dat, wat mer jo fundamental elo mam Gesetz hei änneren, datt ass, datt mer eng illimitéiert Durée vun der Formatioun aféieren, obscho mer déi awer gläichzäiteg ageschränkt hunn, well mer wëssen, datt do de Conseil de classe bei engem Schüler, wou keng Perspektiv do ass, datt deen dann iergendwann och eng kéier seng Moduller zesummekritt, datt deen natierlech eng Reorientatioun, ech géif net nëmme soen, kann ausschwätzen, mä muss ausschwätzen am Interess vum deem Schüler.

An ech denken eigentlech och, datt dat de richtige Wee ass, d'Responsabiliséierung vum Conseil de classe, well keen aneren a sécherlech net hei d'Chamber - ech wëll lech elo hei net an Ärer Uerteelskraaft erofsetzen -, mä ech denken, datt keen anere wéi déi, déi all Dag mam Schüler zesummeschaffen an der Schoul, besser kéint beuerteelen, ob do eng Perspektiv besteet oder net. Duerfir eng Responsabiliséierung vum Conseil de classe.

Ech warnen och elo, hei eng maximal Limit nees anzesetzen. Duerfir wëlle mer elo keng per Gesetz hunn - well da géifen direkt nees nei Härtefall optauchen, spéitstens dann, wann déi erreicht wär -, soulaang virun allem de System op anere Plazen, duerch zum Beispill déi nei Auswierkung a positiv Auswierkung vun deem neie Promotiounsreglement a vun anere Mesuren, déi nach musse kommen, soulaang déi net geholl sinn.

Wat de Projet intermédiaire ubelaangt, do ass et äänlech. Jo, bei der Formatioun fir déi, déi plein-temps an der Schoul sinn, do schafe mer e per Gesetz of, awer gläichzäiteg gi mer och do den Équipes curriculaires d'Méiglechkeet, en äänlech erëm eng kéier ze definéieren, andeems se en Testmodull definéieren, deen d'selwecht fonctionnéiert wéi déi aner Modullen an deen dann och muss réusséiert ginn. Wann do d'Équipes curriculaires wierklech der Meenung sinn, datt esou eng Épreuve, wéi de PII se dann duerstellt, noutwendeg ass, da solle si och dat erëm eng kéier iwwer e Modull kënnen definéieren.

Ech wëll nach kuerz vläicht op dat agoen, wat och elo an der Diskussioun ass, näamlech de Projet intégré final, ob et do gutt ass, wann ech deen net réusséiert hunn, ob et da wierklech noutwendeg ass, datt ech quasi een halleft Joer muss waarden, bis ech dann eng zweet Chance kréien.

Ech war eigentlech nach ëmmer der Meenung, datt et net gutt ass, virun allem fir déi Formatiounen, déi virdrun am Régime technique waren, näamlech d'Technikerformatioun, wou ee jo, wéi mer dat alleguerte kennen, e konventionellen Noexamen konnt maachen, an elo op eemol, well déi Formatioun eriwweigeréckelt ass an d'Formation professionnelle, datt dann net méi gaangen ass an een dann de Projet intégré final am Januar, Februar vum Joer drop huet misse maachen. Wuel hat ee vläicht Zäit, fir dat eent oder anert nach eng kéier opzeschaffen. Op där anerer Säit war awer e ganz Joer scho verluer.

Déi, déi duerno, an déi Méiglechkeet besteet jo awer, weider wollten eng Formatioun maachen op enger Héichschoul oder an engem BTS oder soss anzousch, déi hunn e ganz Joer verluer gehat a konnten och mat deem zweeten hallwe Joer do net méi ganz vill Gescheites ufänken. Duerfir huet dat mech nach ëmmer gestéiert.

Ech muss awer och soen, datt, wann ech d'Questions parlementaires beäntweren, ech do fir d'Alleréischts emol meng Servicer consultéieren. Mir waren deemools net enger Meenung. Ech hunn och meng Responsabilitéit, wat d'Direktioun vun deem Service ubelaangt, jo méttlerweil geholl. Ech mengen, dat dierft jo eigentlech och kengem entgaange sinn.

Mir hunn elo decidéiert, alles ze maachen, fir am Hierscht bei der Technikerformatioun vum Technicien administratif et commercial esou en - tèschent Guillemets - „Noexamen“ ze maachen, dat heescht, eng zweet Sessioun fir de Projet intégré final unzebidden an déi zäitlech esou unzebidden, datt souwuel nach kuerz Zäit an der Schoul ass, fir de Schüler drop ze preparéieren, mä datt en awer matzäiten nach säin Diplom ka kréien, fir och an deem lafende Schouljoer, am September nach an eng Formatioun, eng uschléissend Formatioun eranzekommen, wat eis wichteg ass.

A mir wëllen och deeseweichte Wee aschloe fir déi aner Formatiounen, datt duerno. Elo kann een natierlech soen: Firwat net alleguerten déi doten direkt? Fir dann ze soen: Jo, dann den Techniker och net. Well mer et net fir se alleguerte kënnen maachen, maache mer et fir keen. Ech denken, dat wär och net gerechtfertigt. Duerfir, do léiere mer dovun, wa mer et elo fir den Techniker maachen. An da gesi mer, wéi et ka fonctionnéieren duerno fir all déi aner. An da kënnen mer jiddwerengem duerno déi Méiglechkeet do erëm ubidden.

Här President, datt sinn déi Haaptpunkten, déi ech nach eng kéier wollt kloer ënnersträichen. Mir sinn eis alleguerte bewosst, a sécherlech de Ministère un éischer Stell, datt et mat deenen Adaptatiounen hei net duergeet, datt mer weider müssen un der Reform vun 2008 reforméieren.

Ech warnen awer och do virdrun, fir alles radikal erëm ze änneren, fir alles mateneen a Fro ze stellen. Ech warnen och wierklech virdrun, fir ze soen: Elo maache mer eng grouss Makroreform an déi trëtt een Dag bei enger Rentrée a Kraaft. Well dann ass dat sécherlech net garantiert, wat ech awer hei als eng noutwendeg Konditioun geschildert hunn, näamlech d'Akteure mat ze kréien an den Entreprises, an de Schoulen, och d'Enseignant mat op deen dote Wee ze kréien.

Duerfir fannen ech et eigentlech ganz gutt, datt mer elo schonn op engem Kärelement, wat d'Promotioun ubelaangt an och de Bilan intermédiaire ubelaangt, iwwert dat Reglement eng Neierung aféieren, wat sécherlech schonn, wat d'Organiséierbarkeet vun der ganzer Formatioun an de Schoulen ubelaangt, e grouss Schratt no vir wäert sinn, éier mer dann duerno un aner Ofännerunge vun der ganzer Formatioun kommen.

A mir sollen awer och wëssen, datt munches Zäit wäert brauchen. Ech si ganz d'accord zum Beispill mat deenen, déi soen, déi Moduller, déi gesinn esou ënnerschiddlech aus, déi Moduller, do kënnen mer eigentlech mat deene Regeln, déi mer hunn, fir dann d'Promotioun ze organiséieren an ze definéieren, net alles iwwer ee Leescht zéien. Mä mir wëssen hoergenee, an ech mengen, jiddwereen, a virun allem déi, déi awer och scho vu bannen dee System do eng kéier kenne geléiert hunn, missten eigentlech wëssen, datt een déi Moduller do net vun haut op muer erëm geännert kritt.

Wann een do gären eng gewësse méi grouss Uniformitéit hätt tèschent de Contenu vun de Moduller, tèschent der Zuel vun de Moduller pro Formatioun, muss ee wëssen, datt dat awer erëm eng kéier eng richteg Fläissaarbecht ass. An déi résele mer net aus dem Aarm, virun allem net, wann et eng qualitativ héichwäerteg Aarbecht soll sinn. Duerfir schréttweis reforméieren, weider driwwer nodenken a breet consultéieren. Dat ass esou, wéi ech gedenken, virunzefueren.

Villmoos Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister, erlaabt Der, datt d'Madamm Hansen nach eng kéier intervenéiert?

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Ech erlaben der Madamm Hansen bal alles, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- An Dir hutt selbstverständlech all Zäit, déi Dir braucht.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. Merci, Här Minister. Ech wëll just nach eng kéier op de Rattrapage vum Projet intégré final vun der Division administrative et commerciale agoen.

Also, éischts ass dat hei jo awer eng Äntwert, déi ech vum Minister ënnerschriwwen kritt hunn, soudatt ech net denken, datt dat elo eng vum Direkter vum Service vun der Formation professionnelle ass, ouni datt de Minister domadder averstane war.

A well an där Äntwert awer wierklech drasteet, datt et fir déi hei Formatioun keen Ënnerschied gëtt zu deenen anere Formatiounen, da froen ech awer nach eng kéier - et gi jo och nach aner Techniker, déi wëllen och gären eventuell op d'Uni goen a studéiere goen -: Wann et hei méiglech ass, firwat dann net wierklech, am Sënn vun der Gerechtegkeet, dann och fir déi aner Techniker? Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Jo, ech denken, datt ech op déi dote Fro ausräichend geäntwert hunn, datt mer elo zwee Méint do virdru scho stinn, datt dat doten eng Heedenaarbecht ass, fir dat ze organiséieren an eise Schoulen, datt ech just eng Formatioun gesinn, wou et méiglech ass, näamlech fir déi doten. An duerfir maache mer et fir déi doten. A wa mer et da ronnbréngen am September, do eng zweet Sessioun ze organiséieren, léiere mer alleguerten doraus.

Dir, denken ech, kënnt lech gradesou gutt virstelle wéi munnech anerer heibannen, wéi schwiereng et ass, an de Schoulen iwwert déi nächst zwee Méint dat doten ze mobiliséieren, déi Leit ze fannen, déi dat doten alles wäerten droen an deem enken Zäitraum och herno am September: näamlech genuch Zäit nach ze loossen, fir sech kënnen drop ze preparéieren,

well soss huet et näamlech net ganz vill Wäert, an no hannen awer och net ze vill Zäit ze brauchen, fir datt een nach eng Usschlossformatioun duerno kann ufänken.

Alles dat si Contrainten, déi sinn nun awer emol ebe ginn. An déi wëlle mer elo kucken, fir datt mer déi meeschtere fir déi Technikerformatioun, fir den Administratif et commercial, an dann duerno an deem Joer drop fir déi aner. An da muss een och sécherlech nach eng kéier driwwer diskutéieren - mä dat ass dann éischer och en Thema fir d'Makroreform -: Wéi ass et mat den DAPen?, ob mer do net äänlech lwwerleunge musse maachen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci, Här Minister.

Ech wollt just eng Präzisioun maachen zu der Fixatioun vu Kommissiounssätzungen. Ech mengen, d'Chamber huet an der Fixatioun vu Kommissiounssätzungen eng ganz grouss Flexibilität, och heiansdo vläicht ze vill Flexibilität, wa Chamberskommissiounen ausserhalb vun deene Plage-fixé sinn.

Ech wollt awer soen, dass, wann aus iergendengem Grond eng Kommissiounssetzung net kann zustane kommen, aus dësem oder deem anere Grond, dass d'Plaz, fir dat ze mellen, hei ass. An an der Conférence des Présidents kënnen mer da jiddefalls jiddwerengem Satisfaktioun ginn, dass d'Kommissiounssätzungen, déi solle stattfannen, och wäerte stattfannen. D'Chamber ass esou flexibel, dass, wann de Minister dat freet, d'Kommissiounssätzungen innerhalb vun engem Dag oder souguer heiansdo innerhalb vu manner Periode kënnen festgeluecht ginn. Also, wann et eng kéier net sollt zu där Flexibilität kommen, wou ech awer dovun iwwerzeegt sinn, dass se do ass, dann hëllef mer ganz gär, fir déi Flexibilität ze kréien.

Voilà, dat gesot si mer um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm. An ech géif dann d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6986 lancéieren.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6986 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

De Projet de loi 6986 ass mat 32 Jo-Stëmmen, 26 Nee-Stëmmen, bei 2 Abstentiounen ugehall.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Octavie Modert), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech froen dann, ob d'Chamber bereet ass, d'Dispens ze ginn.

(Assentiment)

Merci. Da gi mer emol dovun aus, dass dat mat deemselwechte Resultat decidéiert ass.

Merci villmoos.

A mir géifen dann zum leschte Punkt vun eiseem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6957 betreffend de Rekrutement vun Enseignanten am Postprimaire. An d'Wuert huet elo de Rapporteur, den Här Gilles Baum.

8. 6957 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement postprimaire,

2. de la loi modifiée du 1^{er} décembre 1992 portant 1. création d'un éta-



blissement public pour le développement de la formation professionnelle continue et 2. fixation des cadres du personnel des Centres de formation professionnelle continue,

3. de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique,

4. de la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2^e Chance,

5. de la loi modifiée du 22 mai 2009 portant création a) d'un Institut national des langues; b) de la fonction de professeur de langue luxembourgeoise,

6. de la loi modifiée du 27 mai 2010 portant

1. modification de la loi du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique;

2. modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

3. modification de la loi du 9 juillet 2007 portant 1. création d'un lycée à Luxembourg-Dommeldange; 2. modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

4. abrogation de la loi du 10 août 1991 portant

1) création de la fonction d'instituteur d'économie familiale;

2) modification de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire;

3) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

4) modification de la loi du 6 septembre 1983 portant a) réforme de la formation des instituteurs; b) création d'un Institut supérieur d'études et de recherches pédagogiques; c) modification de l'organisation de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.**- Villmools Merci, Här President. De Libellé vum Gesetz 6957 ass zwar ellelaang, bal eng ganz Säit, ech probéieren lech dat awer elo hei kuerz a knackeg duerzeleeën.

Här President, Kolleeginnen a Kollegen, dese Projet de loi ass am Kader vum Bologna-Prozess ze gesinn, dem Schafe vun engem regelrechten europäeschen Enseignement-supérieurs-System. Am Joer 2010 lancéiert duerch d'Deklaratioun vu Wien-Budapest, huet dese System zum Zil, en Angebot vun Unisdiplomern anzeféieren, déi liicht erkennbar an och liicht vergläichbar sinn. D'Mobilitéit vun de Studente soll geféiert ginn an en Enseignement vun enger ganz heijer Qualitéit muss ugebuede ginn.

Dese Prozess fonctionnéiert méttlerweil an 48 Länner an ass e richtigen Erfolleg, en Erfolleg vu grenzüwwerschreidender Zesummenaarbecht um Gebitt vum Enseignement supérieur, an dréit elo scho seng éischt Friichten. Et ass esou, dass et ville Studenten elo méiglech ass, am Ausland ze studéieren, ouni awer missen ze fäerten, dass hir Diplomer heiheem zu Lëtzebuerg net unerkannt ginn.

Säit enger gewëssener Zäit scho bidde vill Héichschoulen net nëmme méi déi klassesch Filiären un, mä si favoriséieren eng Diversifikatioun, eng Flexibilisatioun an hirer Offer. De Fakt, dass d'Unien ëmmer méi Studenten unhuelen, fir hire Master ze maachen, déi vun anere Filière kommen, sous Conditioun, dass déi viereg Studien a Relatioun sti mat deem ausgewielte Master, ass natierlech eng logesch Suite do dervunner.

E Student, deen e Bachelor gemaach huet, kann also duerno tëschent enger ganz grousser Unzuel vu Masteren eraussichen. An des Mastere sinn zwar net onbedéngt déi nämlech Spezialisatioun wéi de Bachelor, mä kënnen awer an engem verwandte Fachberäich ugesidelt ginn, aus engem verwandte Fachberäich stamen.

Ee Beispill dobäi ass zum Beispill de Bioinformatiker. Et kann een awer och Psychologie studéiert hunn an duerno an d'Santésberuffer iwwerwiesselen, fir säi Master ze maachen. Et kann ee Pädagogie gemaach hunn an duerno Studien am soziale Beräich oder an der Psychologie wielen, fir säi Master ze maachen. An och bei den Ingenieure gëtt et eng ganz Rei vu verschidene Méiglechkeeten, fir e Bachelor mat engem Master ze kombinéieren.

E Student, deen zum Beispill e Bachelor am Franséische gemaach huet an e Master an der Geschicht, dee ka sech fir déi zwee Fächer aschreiwen am Examen de recrutement, oder zum Beispill, wann e Mathematik an Informatik studéiert huet. D'Konditioun, fir zougelooss ze ginn zu dësem Examen de recrutement, fir an engem Lycée, an der Formation professionnelle oder am Centre national des langues ze schafen, dat ass, dass een d'Préliminairé gepackt huet. An deene Préliminairé muss ee beweisen, dass een déi dräi Landessproche beherrscht, dat heescht d'Lëtzebuergesch, d'Däitscht an d'Franséisch.

Fir de Rekrutementsexamen gëtt haut e Bachelor an e Master an der Spezialitéit oder an deem Fach, wou ee wëllt ënnerriichten, verlaangt. Et ass awer esou, dass ëmmer méi jonk diploméiert Studenten net méi an déi do Konditiounen erapassen. D'Rekrutementspolitik muss deemno un d'Realitéit ugepasst ginn.

De Projet de loi huet also zwee Objektiver: Deen éischten ass, fir d'Konditiounen fir d'Enseignanten am Secondaire, am Secondaire technique, an der Formation professionnelle an am Institut national des langues ze änneren, fir se un d'Evolution vun den Unisdiplomern unzupassen. An deen zweeten ass, fir den Ännerungen um Niveau vun de Carriären - ech ërennen lech un d'Reform vun der Fonction publique vum 1. Oktober 2015 -, fir deenen Ännerunge Rechnung ze droen.

Andeems awer de Lien mam Fach, dat ënnerriicht soll ginn, muss bestoe bleiwen, ass d'Qualitéit vun engem héichwäertegen Enseignement ëmmer garantéiert. Esou ass et virgesinn, dass de Bachelor e Lien mam Fach muss hunn an dass de Master am Registre des diplômes muss stoen.

Wat den Enseignement pratique ugeet, d'Maitres d'enseignement technique an d'Formateure fir Erwuessener, esou gëtt d'Méiglechkeet agefouert, dass si e Brevet de technicien entweder aus Lëtzebuerg oder aus dem Ausland hunn, deen zesummenhängt mat deem Fach, wat se enseignéieren, oder e Brevet de technicien supérieur spécialisé aus Lëtzebuerg oder aus dem Ausland, dee mat deem Fach ze dinn huet.

Fir déi reglementéiert Beruffer aus dem Gesondheitsberäich, déi a Fro kommen, fir kënnen ze enseignéieren, muss den Enseignant natierlech d'Autorisatioun hunn, fir dee Beruff selwer d'äerfen auszeüben.

De Projet de loi ännert déi legislativ Texter, déi d'Admissionungskonditiounen also fir den Enseignement postprimaire, d'Formation professionnelle an den Institut national des langues festleeën. Den Impakt vun den Ännerungen ass awer wesentlech méi grouss, well eng ganz Rei vun Texter sech dorobber referéieren, an dofir och de laange Libellé vum Gesetz.

Ofschléissend muss ech awer preziséieren, dass déi Persounen, déi en Diplom hunn - dat, wat bis elo verlaangt ginn ass -, natierlech net diskriminéiert ginn a weiderhin och Accès hunn zum Examen-concours. De Projet de loi schafft och d'Limitt of, bis wéini al Diplomer den Zougang zu dësem Examen-concours de recrutement erméiglechen.

Fir all weider Informatiounen, zum Beispill d'Avise vun de Chambres professionnelles oder vum Conseil d'État, verweisen ech op de schrëftleche Rapport. An ech ginn heimadder och schonn den Accord vun der DP-Fraktioun. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo d'Madamm Martine Hansen.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. A Merci fir deen „knackegen“ Rapport vum Gilles Baum. Ech wäert de Mëtteg just op déi nei Konditiounen agoen, fir an de Stage am Enseignement postfondamental ze kommen.

D'Konditiounen, fir zum Concours zougelooss ze ginn, ginn also a puncto Diplomer gelabert. Virdu war et jo noutwendeg, dass mer e Master an e Bachelor an der Spezialitéit haten. Dat ass jo elo geännert, oder et gëtt elo geännert. Et geet elo duer, dass een e Bachelor „en lien“ mat der Spezialitéit huet an iergendeen anere Master oder iergendee Bachelor plus e

Master en lien mat der Spezialitéit oder eben e Bachelor en lien mat der Spezialitéit an de Master in Secondary Education.

Dann, wat och u sech begrëssenswäert ass, ass, dass ee mat engem BTS kann elo Maître d'enseignement technique ginn.

Als CSV si mir prinzipiell averstanen, fir de Concours méi breet opzemaachen. Mä: Mir müssen d'Qualitéit am Enseignement weiderhi kënnen garantéieren. Ech zitëiere just kuerz den Hattie: „Was Schüler lernen, bestimmt der einzelne Pädagoge. Auf den guten Lehrer kommt es an.“ Däers musse mer eis bewusst sinn, wa mer iwwert dëst Gesetz schwätzen.

Wat ass e gudden Enseignant? Ech mengen, do kéinte mer elo stonnelaang diskutéieren; dat maache mer net! Mä fest steet, dass e pädagogesch a fachlech Kompetenze muss hunn. Fir d'Qualitéit am Enseignement kënnen ze garantéieren, musse mer och kënnen garantéieren, dass den Enseignant iwwer ganz zolidd Fachkompetenzen a senger Spezialitéit verfüügt. Dëst ass ganz einfach eng Viraussetzung, fir gutt kënnen Schoul ze halen.

D'Fro, déi sech also stellt, ass: Kënnen mer dat mat dësem Projet de loi nach garantéieren? Et kann een et op jidde Fall unzweifelen. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics mécht dat, an d'Chambre de Commerce och.

Wa mer als CSV elo mat dësem Projet de loi averstane sinn, dann nëmme ënnert der Konditioun, dass mer den Niveau bäibehale bei den Épreuves préliminaires, beim Concours, an hei hätt ech u sech léiwer nach de Begrëff „Examen-concours“, a beim Stage. De Minister huet eis versprach, dass den Examen-concours jo misst gepackt ginn an dass doduerch d'Qualitéit kéint assuréiert ginn. De Ball läit also beim Ministère.

A mat dësem Opruff, Dir Dammen an Dir Hären, un de Minister, fir déi noutwendeg Jalonen ze setzen, fir d'Qualitéit am Enseignement ze garantéieren, ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madamm Hansen. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Tess Burton.

► **Mme Tess Burton (LSAP).**- Merci fir d'Wuert. Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, ech wëll dann och ufänken a fir d'Éischt dem Rapporteur, dem Gilles Baum, Merci soe fir säi Rapport.

Wéi de Rapporteur et schonn erkläert huet, passe mir mat dësem Gesetz d'Konditiounen fir de Rekrutement vun de Proffen am Postprimaire un den europäesche Bologna-Prozess un. De Bologna-Prozess ass méi en oppene System, well en et erméiglecht, verschidde Fächer bannent deem nämlechten Universitëitsparcours ze studéieren. Duerch d'Mobilitéit och vun de Studenten ass et ëmmer méi heefeg, dass een e Bachelor an engem Fach mécht, de Master duerno awer an engem aneren. Et ass een also méi fräi, fir säin Diplom souzese selwer ze gestalten.

Mat dësem Gesetz hei passe mir eis där Evolution un an erlaben deene Betreffenen, de Concours ze maachen, fir an de Proffestage vum Secondaire ze kommen. Wichtig ze soen ass, dass mer d'Konditiounen, fir de Concours ze packen, awer heimat net änneren. D'Konditiounen bleiwen déi nämlech wéi bis elo. De Concours ass also deen nämlechten, ob d'Persoun elo e Bachelor an der Spezialitéit huet an e Master an engem anere Fach oder ob d'Persoun e Bachelor an e Master an där nämlechten Spezialisatioun huet. Ugeholl an de Stage gëtt duerno deen, deen am beschten ofgeschnidden huet.

Grad fir d'Chargés de cours, déi de Moment schonn am Enseignement secondaire ënnerriichten, schafe mir mat dësem Gesetz eng nei Méiglechkeet, an d'Proffecarrière eranzekommen. Si, déi scho säit Joren am Enseignement ënnerriichten, kënnen elo ënner enger Rei Bedingungen hir Kandidatur, wa se ee Master ofschloss hunn, fir dee Concours stellen. De Moment schaffen näamlech iwwer 1.000 Chargéen am Secondaire. Si maachen ee Véierel vun den Enseignanten aus. An des Chargéee maachen eng ganz gutt Aarbecht. Si sprangen ënner anerem do an, wou Proffe feelen.

E Fach, wou et de Moment zum Beispill net genuch Proffe gëtt, ass d'Mathé. De Moment gëtt et net an all Lycée genuch Mathésproffen. Duerfir ginn déi Coursen, déi net vun engem Mathésproff kënnen ugebuede ginn, vu Chargéen ënnerriicht, fir esou d'Schoulstonne vun dese Fächer an de Lycéeen ze garantéieren. Duerfir ass et grad an dësem Fall och gutt, dass mir de Chargéen, déi e Studium an déi Richtung gemaach hunn a schonn dëst Fach ënnerriichten, eng Méiglechkeet schafen, de Stage als Proff kënnen ze maachen an herno als Proff anstatt als Chargé an deem Fach ze ën-

nerriichten. Gradesou wéi fir all anere Student maache mer hei eng Öffnung zum Proffconcours, andeems mer d'Konditiounen, fir zougelooss ze ginn, méi flexibel gestalten.

Här President, ech wëll zum Schluss nach eng Kéier ënnersträichen, dass d'Qualitéit vum Enseignement mat dësen Ännerungen net wäert erofgoen. Dat ass fir eis als LSAP ganz wichteg. Och d'Sproochenkenntnisser vum Lëtzebuergesch, dem Däitschen an dem Franséische bleiwen d'nämlech.

Mir begrëssen et deemno, dass méi Studenten an dee Concours kënnen zougelooss ginn, dass d'Konditiounen, fir un deem Examen kënnen deelzehuelen, flexibiliséiert ginn, ouni dass de Concours duerfir awer méi einfach gemaach wäert ginn.

Dat gesot, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. An d'Wuert huet den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci, Här President. A well meng Virriedner an de Rapporteur esou ausféierlech waren, kann ech dat ganz kuerz maachen.

De Rapporteur huet vum Bologna-Prozess gesot, dass dat en Erfolleg ass. Ech mengen, dat streit bestëmt keen of. Dat mécht et effektiv méiglech, dass mer praktesch a ganz Europa kënnen studéiere goen, ouni mussen ze fäerten, dass d'Studien an engem anere Land net unerkannt ginn.

Et kéint een nach e bësse méi wäit gräifen. Och, mengen ech, dass d'Europäesch Unioun do eppes derzou bäigedroen huet. Ech kennen de Fall vun engem jonke Lëtzeburger, deen a Wales studéiert hat viru laange Joren an du sech aus familiäre Grënn a Spuenien niddergeloooss huet. Deen huet misse säi ganz Studium vun Englesch vu Wales - dat muss ee sech virstellen - a Spuenien widderhuelen, fir dass déi em do géife seng Studien unerkennen.

Gott sei Dank gehéiert dat der Vergaangenheet hunn. Dat ass haut vill méi einfach. Mir vergiesen heiansdo déi gutt Saachen, déi och Europa bruecht huet, déi dann och de Bologna-Prozess bruecht huet.

Ech si frou, dass mer da bis elo eng Unanimitéit fir dee Projet hei hunn. Mir passen d'Konditiounen, fir Professer ze ginn, ganz einfach der Realität un. D'Studiegäng hu gewieselt. Mir hunn also decidéiert, dass een e Bachelor dem Fach no mécht an dann huet ee beim Master e bëselche méi Choix. Mir begrëssen et och ausdrécklech, dass een och kann e Master in Secondary Education an deem Fach maachen, wat ee wëllt enseignéieren, well ouni den Hattie ze bemeien, ginn ech awer och der Madamm Hansen recht, wa se seet: „E gudden Enseignant brauch souwuel pädagogesch wéi och fachlech Kompetenzen.“

Ech gesinn dat net mat deem Gesetz hei a Fro gestallt. Den Examen-concours, do wier ech awer gäre mat bereet, fir do nach eng Kéier driwwer ze kucken, ob mer deen net kënnen besser maachen, méi gerecht maachen, dass mer och all déi Proffe fannen, déi mer brauchen. An dass mer beim Stage selbstverständlech musse weider kucken, fir gutt qualifizéiert Enseignanten ze kréien, ass eng Selbstverständlechkeet.

An domat bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. An d'Wuert huet den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci. Och e Merci un den Här Baum fir de Rapport.

Mir hunn hei e puer konzeptuell Problemer. Wann ee wëllt Mathésproff ginn, da studéiert ee Mathematik. An normalerweis studéiert ee Mathematik esou, dass ee vill méi weess, wéi déi Schüler, déi een herno soll enseignéieren. Hei, no deem neie System ass dat esou, dass een, jee nodeem wat ee studéiert a wéi een et opbaut, eventuell zwee Joer méi Mathematik geléiert huet wéi e Schüler op Première, an da kann een awer Mathésproff ginn.

Dat schéngt eis mat deem heite System... Näischt géint Bologna, näischt géint Flexibilitéit, mä wann ee sech zu engem bestëmmte Beruff decidéiert, da muss een awer och wëssen, wat domadder verbonnen ass. An domadder ass verbonnen d'Acquisitioun vun engem héije Grad u Wëssen, fir wierklech souverän déi



Matière ze beherrschen a se dann och kënnen ze enseignéieren.

Mir däerfen net vergiessen, datt, niewent alle pädagogesche Fäegkeeten an Talenter, awer d’Fachwësse säin eegene Rôle a seng eege Wichtegkeet huet. Doduerch, datt mer elo hei eng grouss Flexibilitéit erlaben, ass de Risiko däitlech ginn, datt déi zukünfteg Enseignantë männer Connaissancen am Fach hunn, wéi dat bis elo de Fall ass.

D’Konsequenz dovunner, well mer jo och wëssen, wéi déi Mechanismen do sinn, ass eng reell Gefor fir den Niveau am Examen-concours an enger zweeter Phas. Et gëtt keng Garantie derfir, datt mer den Niveau vun der Qualitéit vum Enseignement oder den Niveau vum Examen-concours kënne do loosse, wou en haut ass, wa mer ufänken, déi Grondausbildung vun den Enseignanten esou wäit opzemaachen, wéi dat elo geplangt ass.

Dat heescht, et gëtt, wéi d’Chambre des Fonctionnaires et gesot huet, au contraire, wa mer dat hei maachen, ëmmer méi wichteg, fir ze iwwerpräiwen, ob déi Leit, déi sech wëllen dem Enseignement da widme fir de Rescht vun hirem berufleche Liewen, genuch Connaissancen hunn, Fachconnaissancen, fir dat kënne ze maachen.

Mir maachen eis och Suergen iwwert de Sproochenniveau. Woubäi ech muss soen, mir hu keng dräi Landessproochen. Mir benotzen administrativ dräi Sproochen hei am Land, mä souwäit mir wëssen, schwätze mir am ganze Land Lëtzebuergesch. Mir hunn eng Landesprooch hei am Land.

A mir hunn hei am Gesetz ee Passage stoen, deen eis och derzou féiert, eis Froen ze stellen. Dat ass: «La vérification des connaissances linguistiques tient compte des rôles respectifs joués par les trois langues dans l’enseignement.» Och dat schéngt eis ganz, ganz vag ze sinn, wat dann elo schlussendlech den Niveau ass, dee gefrot gëtt, notament am Lëtzebuergesch. A mir hätten do gär kloer Kritären am Gesetz gehat, wéi héich den Niveau muss sinn.

Bei der Direktioun vun engem Gebai ass natierlech déi Kritik och virbruecht ginn, datt et net ka sinn oder net soll sinn, datt d’Kaderen, déi enseignéieren am Gebai, aus dem Kader A1 no där neier Nomenclature an der Fonction publique sinn, den Direkter awer theoretesch kéint aus dem A2 sinn. Och dat lichter eis an, notament well et jo och méiglech ass, vun A2 an den A1 eriwuerzegoen.

A schlussendlech wëll ech nach eng Fro stellen: Ass et wierklech esou - dat war mer net kloer, wéi ech dat gelies hunn, mä et ass awer derwäert et ze froen -, datt am Institut national des langues fir de Lëtzebuergesch-Professor déi Exigenz verschwénnt: «Être en possession d’un bachelier en langues ou lettres et d’un master en langue et littérature luxembourgeoises»? Ass dat esou? A wa jo, firwat ass dat esou? Dat wär och eng Fro, déi mer wëllte stellen.

Op jidde Fall, déi Kriticken an déi Suergen, déi mer hu bei deem Usaz, deen eis haut hei presentéiert gëtt, féiert eis derzou, dëst Gesetz net matzedroen.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Domat si mer un Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm. An d’Wuert huet den Erzéiungsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. Bon, ech denken, et ass esou gutt wéi alles gesot. Hei mat där Reform passe mer d’Rekrutementsprozedur an awer och virun allem d’Zougangsbestëmmungen zur Rekrutementsprozedur fir den Enseignantsberuff am Secondaire der Realitéit un, dem Bologna-Prozess un, awer och der Tatsach un, datt haut quasi e Véierel vun eise Corps enseignant aus dem Secondaire aus Chargé-de-coursen oder Chargés d’éducation besteet.

Ech deelen all déi Iwwerleeungen, déi hei ugefouert gi sinn, an déi prinzipiell Remarquen, déi ugefouert gi si fir d’Qualitéit vun deene Leit, déi an eise Schoulen intervenéieren, den Enseignanten an all deenen aneren. Mir mussen

awer wëssen, datt mer dat eben net nëmmen iwwert d’Rekrutementsprozedur hei kréien. Mir mussen och eng Politik maachen, datt mer der méiglechst vill iwwert d’Rekrutementsprozedur rekrutéiert kréien. An dat heiten ass e Wee, fir e méi breeden Zougang ze schafen zu där Rekrutementsprozedur, datt mer deene Leit, déi bis elo net konnten um Examen-concours deelhuele, och elo deen Accès do ginn.

Am Examen-concours préiwe mer dann nach ëmmer ganz kloer, ob een déi fachlech Kompetenz huet. Et gëtt da Studien, déi no dëse Regeln, awer schonn no de besteeënde Regele souwuel eng fachlech Kompetenz wéi och eng pädagogesch Kompetenz séchergestallt hunn.

Während deem Stage vun dräi Joer, dee jo elo nei ass, wäert dann och nach ganz besonnesch vill Wäert op déi pädagogesch Kompetenz geluecht ginn. Ech denken, datt et dee richteg Mix muss sinn. Et muss ee wëssen, wat ee vermëttelt. Et muss een awer och wëssen, wéi een et vermëttelt. Dat mécht finalement e gudden Enseignant aus. Dat eent ouni dat anert hëlleft do sécherlech näischt.

An ech wëll nach drun erënneren, virun allem wann et och ëm d’Qualitéitsentwécklung an der Schoul geet an et ëm déi berufleche Weiderentwécklung vun den Enseignantë geet, datt mer d’Formation continue verduebelt hunn zanter deem lafende Schouljoer, och dat en Invest an awer gläichzäiteg och eng Qualitéitsentwécklung vun eise Schoulen an och vun eisem Enseignement am grouse Ganzen.

Ech hu keng Kenntnis iwwert dat, wat den Här Kartheiser gesot huet, datt een, fir Lëtzebuergesch-Enseignant am Institut national des langues ze ginn, aner Kritären elo misst erfëllen oder respektiv déi erofgesat gi wäeren. Dat kann ech net confirméieren.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. A mir sinn elo bereet, fir iwwert de Projet ofzestëmmen, de Projet 6957.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 6957 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmung fänkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d’Procuratiounen. An d’Ofstëmmung ass elo eriwuer.

An de Projet de loi 6957 ass mat 57 Jo-Stëmmen, bei 3 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Martine Mergen), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Alex Bodry), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d’Chamber bereet, d’Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Mir gesinn eis muer de Mëtten um zwou Auer erëm. Merci.

(Fin de la séance publique à 18.06 heures)

Sommaire des séances publiques n^{os} 42, 43 et 44

42^e séance


- Ouverture de la séance publique p. 627
- 6953 - Débat d’orientation sur le rapport d’activité de l’Ombudsman 2015 p. 627-632
- Heure d’actualité du groupe politique CSV au sujet du vote britannique en faveur d’une sortie du pays de l’Union européenne - les effets et les conséquences pour l’économie luxembourgeoise et notre place financière p. 632-636
- 6894 - Proposition de révision de l’article 32, paragraphe 3 de la Constitution p. 636-640
- 6868 - Projet de loi concernant la publication d’informations non financières et d’informations relatives à la diversité par certaines grandes entreprises et certains groupes et portant modification de diverses dispositions relatives à la comptabilité et aux comptes annuels des entreprises ainsi qu’aux comptes consolidés de certaines formes de sociétés et
 - portant transposition de la directive 2014/95/UE du Parlement européen et du Conseil du 22 octobre 2014 modifiant la directive 2013/34/UE en ce qui concerne la publication d’informations non financières et d’informations relatives à la diversité par certaines grandes entreprises et certains groupes;
 - portant modification:
 - du titre II de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises;
 - de la section XVI de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;
 - de la loi modifiée du 8 décembre 1994 relative:
 - * aux comptes annuels et comptes consolidés des entreprises d’assurances et de réassurances de droit luxembourgeois
 - * aux obligations en matière d’établissement et de publicité des documents comptables des succursales d’entreprises d’assurances de droit étranger p. 640-642
- 6928 - Projet de loi portant réorganisation du Conseil supérieur de la sécurité sociale et modification:
 - du Code de la sécurité sociale;
 - de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l’organisation judiciaire;
 - de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d’avocat;
 - de la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations, des services et des juridictions de la sécurité sociale;
 - de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l’ordre administratif p. 642-643

43^e séance

- Ouverture de la séance publique p. 643
- Dépôt d’une proposition de loi par Mme Nancy Arendt p. 643-644
- 6967 - Projet de loi portant introduction du cours commun «vie et société» dans l’enseignement secondaire et secondaire technique et modifiant
 - 1) la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l’enseignement, (Titre VI: de l’enseignement secondaire),
 - 2) la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l’enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue, et
 - 3) la loi modifiée du 25 juillet 2005 portant création d’un lycée-pilote p. 644-651
- 6862 - Projet de loi portant création d’un impôt dans l’intérêt des services de secours p. 651-654

44^e séance

- Ouverture de la séance publique p. 654
- Communications p. 654-655
- Ordre du jour p. 655
- Résolution relative à la proposition de règlement du Parlement européen et du Conseil relatif aux services de livraison transfrontière de colis (COM (2016) 285) p. 655
- Art. 168 du Règlement de la Chambre p. 655
- 6829 - Projet de loi portant approbation du Traité entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique concernant la coopération en matière de défense et de sécurité, fait à Bruxelles, le 5 février 2015 p. 655-657
- 6949 - Projet de loi portant approbation de l’Accord entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg concernant l’intégration de la sécurité aérienne en vue de répondre aux menaces posées par des aéronefs non militaires (Renegade), signé à La Haye le 4 mars 2015 p. 657-660
- 6986 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle p. 660-666
- 6957 - Projet de loi portant modification
 - 1. de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l’enseignement postprimaire,
 - 2. de la loi modifiée du 1^{er} décembre 1992 portant 1. création d’un établissement public pour le développement de la formation professionnelle continue et 2. fixation des cadres du personnel des Centres de formation professionnelle continue,
 - 3. de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d’enseignement secondaire et secondaire technique,
 - 4. de la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d’une École de la 2^e Chance,
 - 5. de la loi modifiée du 22 mai 2009 portant création a) d’un Institut national des langues; b) de la fonction de professeur de langue luxembourgeoise,
 - 6. de la loi modifiée du 27 mai 2010 portant
 - 1. modification de la loi du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d’enseignement secondaire et secondaire technique;
 - 2. modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l’État;
 - 3. modification de la loi du 9 juillet 2007 portant 1. création d’un lycée à Luxembourg-Dommeldange; 2. modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l’État;
 - 4. abrogation de la loi du 10 août 1991 portant
 - 1) création de la fonction d’instituteur d’économie familiale;
 - 2) modification de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l’organisation de l’enseignement primaire;
 - 3) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l’État;
 - 4) modification de la loi du 6 septembre 1983 portant a) réforme de la formation des instituteurs; b) création d’un Institut supérieur d’études et de recherches pédagogiques; c) modification de l’organisation de l’éducation préscolaire et de l’enseignement primaire p. 666-668



Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

